



scho richtig gesot ginn ass, laanger Geschicht vun dësem Projet de loi. An dat sinn Elementer, déi och agefloss sinn an dat heite Gesetz an déi och wierklech wichteg sinn.

Ech wëll net elo all déi Elementer, déi hei schonn ervirbruecht gi sinn, ervirgestrach gi sinn, virun allem duerch den exzellente Rapport vun der Madamm Hemmen, nach eng Kéier widderhuelen. Mä ech wëll awer am Résumé déi Saache soen, déi mir ganz besonnesch um Härz leien.

Dat ass fir d'Alleréischts emol eng effikass Reorganisatioun vun den existente Strukturen. Dat hu mer mat deem heite Gesetz fäerdegbruecht an et war och wichteg, dat ze maachen.

Zum Zweeten, d'Mise en place vun engem Kommissär, engem Regierungskommissär, fir a Saache Qualitéit, Fraude a Sécurité alimentaire a virun allem a Saache Koordination um Terrain eng wäertvoll Aarbecht ze leeschten.

Drëttens, d'Kreatioun vun enger Base de données unique, dat ass eppes Komplexes, mä an dësem Fall eppes ganz Noutwendeges. An dat ass och e wichtegt Element vun där ugestriefte-ner Zesummenaarbecht.

Véiertens, d'Harmonisatioun vun de Procéduredes-contrôles. Dat war och ee Kärstéck vum Audit an et war och e Kärstéck an deene multip-len Avisen, déi mer vun de Berufskummere kritt hunn. An et war eis wierklech dru geleeën, fir déi Recommandatiounen mat op de Wee ze huelen.

Da wierklech d'Mise en place vun engem ëmfaassende System vu Kontrollen a vu Sanktiounen, a wou et och richtegen Nohuelbedarf gëtt, wat d'Mise en conformité zu den europäeschen Dispositiounen ugeet.

A sechstens, d'Transparenz vun de Resultater vun deene Kontrollen. An hei hu mer natierlech haaptsächlech den Interêt vun de Bierger am Visiér, well wann déi Kontrolle gemaach ginn a mir verstoppe se, dann ass dat och net am Interêt vum Bierger, vum Konsument. Dofir ass et och ganz wichteg, dass mer mat Hëllef vun dësem Gesetz Verbesserungen an deem Bereich ustriewen. Dat sinn also am Résumé déi sechs Mesuren, déi mer hunn an déi mer elo ëmsetzen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wat elo d'Optimisatioun vun de Kontrollen ubelaangt, esou ass hei d'Stéchwuert Koordination. Mir hate wuel elo eng Struktur OSQCA, déi elo awer keng eigentlech gesetzlech Grondlag hat a wou eigentlech och dat Element vun der Kontroll net verstärkt an den Attributiounen vun der Alldagsaarbecht vun deem Gremium konnt eraffléissen. Och wann, an dat wëll ech och ënnersträichen an och dat gouf am Audit gesot, hei vun deenen, déi am OSQCA waren an nach ëmmer sinn, eng ganz gutt Aarbecht geleescht gëtt, déi awer och mat dozou bäigedroen huet, dass mer e gudden Numm hu fir déi Kontrollen, déi hei zu Lëtzebuerg gemaach ginn.

Mä déi Optimisatioun, déi ass awer elo ganz wichteg. An do sinn e puer Saachen ze soen. Zum Éischte sinn ech der Iwwerzeegung, dass een net richtig gutt zesummeschaffe kann, wann een net physisch regroupéiert ass. Dat hu mer decidéiert d'un commun accord, déi concernéiert Ministeren. An dat wäert och elo en place gesat ginn.

Zum Zweete brauche mer eben iwwert déi Grondlag, déi dëst Gesetz eis schafft, eng Persoun, déi déi Koordination um Terrain ka maachen. Hei war d'Fro gestallt ginn, wat dann elo de Profil vun där Schlëselfigur fir déi zukünfteg Koordination soll sinn. Majo do ass virgesinn, dass dat eng Persoun ass, déi eng Fonctioun à responsabilité particulière ze erfëllen huet an am Grad 17 wäert agestallt ginn, dat heescht, am Prinzip aus der Carrière supérieure kënn a virun allem awer e Background misst hunn - ech mengen, dat wier op alle Fall wichteg - vun der Sécurité alimentaire, dat heescht, och familiariséiert ass mat där Thematik an och mat Prozeduren, déi do ronderëm drunhänken. Mä dat gëtt jo alles elo nach definiéiert an och ofgestëmmt. Mä da wësst Der awer schonn, a wéi eng Richtung dat wäert goen. An ech hunn och keen Zweifel dorunner, dass mer do déi am beschte géeeegent Persoun wäerte fannen.

D'Base de données unique, dat schéngt mer wierklech e ganz zentraalt Element ze sinn, well déi verschidden Akteuren am Domän vun der Kontroll, déi kënnen, wa mer esou eng Base de données hunn, vill besser zesummeschaffen. Dat ass einfach fir d'Retraçabilitéit vun deene

verschiddenen Aktiounen, déi an enger besserer Koordination, enger besserer Ofstëmmung stattfannen, fir dass déi awer och an enger gemeinsamer Base de données ofgeluede kënnen ginn an een och en Zougrëff do huet als Akteur, deen do concernéiert ass. An an deem Sënn hu sech déi respektiv Servicer och schonn zesummegeedoen. Dat ass e Groupe de travail, dee scho fonctionnéiert zesumme mam CTIE, fir dass eben eng Fusioon vun deenen existente Bases de données ka stattfannen. Dat huet also e prioritäre Charakter. An do war jo och eng Rei vu Froen doriwwer gestallt ginn.

D'Harmonisatioun vun de Procédures de contrôle ass wierklech ganz, ganz wichteg. Well wann dat eis geléngt, dann hu mer net nëmme ganz wichteg Recommandatiounen vusäite vun de Porte-parolë vun de Betriber rassuriert, mä mir hu virun allem och séchergestallt, dass mer beschtméiglech um Terrain déi Kontrolle kënnen effizient organisieren. An dat ass schlussendlech och immens wichteg fir all Politik ronderëm d'Informatioun, ronderëm d'Kommunikatioun. A virun allem gëllt dat am Fall vun enger Alerte oder vun enger Kris. An do schafft jo ebe grad dat heite Gesetz eis d'Méiglechkeet, fir kënnen sur place Mesured'urgences ze huelen. An dat ass ganz wichteg.

D'Aféierung vun engem Système de contrôle et de sanction: Ech mengen, mir hunn natierlech e Secteur, dee gutt fonctionnéiert, soss hätte mer dat och net esou temoignéiert kritt. Mä wéi an all Secteur ginn et och schwaarz Schof. An de Secteur selwer ass Demandeur, dass déi schwaarz Schof och kënnen identifizéiert ginn an dass si dann och iwwert dat heite Gesetz - dat war bis elo net an deem Mooss de Fall, dass mer dat konnte maachen - dovunner ofgehole ginn, fir an der Praxis Aufgaben um Terrain net ze erfëllen, well se eben einfach wëssen, dass seriö Sanktiounen virgesi sinn. An do sinn et net manner wéi 19 europäesch Reglementer, déi dann alleguerter mat deem heite Gesetz ëmgasat ginn, wou dann och déi Sanktiounen an déi Mesuren, déi do ronderëm dréien, mat an dëst Gesetz affléissen.

D'Transparenz vun de Resultater vun der Kontroll: Ech mengen, déi Transparenz ass ganz wichteg ze maachen, well mir hunn eng Obligatioun vis-à-vis vum Bierger, fir dat ze maachen, a mir mussen dat och esou maachen.

Nach e puer Äntwerten op konkret Froen, déi gemaach gi sinn. D'Mesure-d'urgences: Jo, do ass et richtig, dass mer direkt op der Plaz kënnen Measure-d'urgences huelen, wann eng Gefor ass fir d'Gesondheet vum Mënsch. Dat ass ee vun de Voiete vun deem heite Gesetz.

Internetkontrollen: Déi gi schonn haut vun der Divisioun vun der Sécurité alimentaire an der Direction de la santé gemaach, alleréings ouni déi grondleeënd gesetzlech Basis, déi mer elo heimadder schafen. Déi kréie mer elo. Dofir setze mer dat elo op déi Grondlag, déi et muss hunn.

D'Taxen: Also ech mengen, ech wëll hei dem Spriecher vum ADR soen, wann et weinst den Taxen ass, wou Der dat Gesetz net wëllt stëmmen, da kënn Der et stëmmen, well dat sinn Taxen, déi virgesi sinn iwwer eng EU-Reglementatioun. Dat heescht, mir maachen hei näischt anescht, wéi hei europäesch Recht ze applizéieren. An ech denken, dass jo awer keen der Meinung ass, dass mer dat net wëlle maachen. Well wat eis wierklech wichteg war, an dat wëll ech nach eng Kéier betounen, dat ass, dass mer hei de Champs d'application ausgeeent hu vis-à-vis vun där Versioun, déi mer virun e puer Joer doleien haten, an dass mer wierklech hei elo e gesetzleche Kader schafen, deen de ganzen Ensembl vum Dispositiounen fir d'Protektioun vun der öffentlecher Gesondheet an der gesamter Chaîne alimentaire kréiert. An do ass dat Partie intégrante dovunner.

D'Iwwergangszäit, do mengen ech, dass mer déi och wäerten harmonesch kënnen gestalten, well effektiv, an den Här Graas hat dat d'Éinnescht och scho gesot, wäerten déi éischt Verwaltungen elo scho plënnere an en neit Gebai zu Stroossen. Do ass d'Divisioun vun der Sécurité alimentaire an der Direction de la santé déi Éischt, déi wäert plënnere. Dat ass scho fir am August virgesinn, ufanks August. An d'Administration des services vétérinaires wäert dann am September nozéien. Dat heescht, dat ass schonn esou virgesinn.

Mir hunn dann och Büro fir d'Leit vun der Douane virgesinn, déi am Optrag vum Minister vun der Santé ënnert der Supervisioun vun der SECUALIM haaptsächlech am Horesca-Bereich intervenéieren. Dofir ass et ganz, ganz wichteg, dass si alleguerter do matagebonne sinn. Bon, d'ASTA ass net direkt elo vun eisem Projet de loi betraff, well si sech méi ëm d'Qualitéit këmmere an deen Aspekt jo an dem Projet de loi 7273 vum Landwirtschaftsminister couvriert ass. An nawell komme si an dee Verbond mat

eran, wou mer jo wierklech wëllen Hand an Hand an der Zukunft schaffen.

Dann am Zesummenhang mam Smiley: Och dat war hei vusäite vum Här Reding e bëssen eng vereinfacht Duerstellung. Et kann een net opgrond vun engem Kritär säi Smiley, säi grénge Smiley ewechgeholl kréien, well et sinn der 42 am Ganzen. Dat heescht, wann een do schlecht ofschneit an dat gëtt och dann no baussen dokumentéiert, da muss ee schonn eng Zomm vu ganz ville Kritären net applizéiert hunn, fir e schlechte Ranking ze kréien. Dofir, mir sinn hei bei engem, mir si bei ville Kritären. A Gott sei Dank wäerten et der net vill ginn, déi déi Kritären do net erfëllen, well d'Be-reetschaft ass ganz grouss um Terrain, fir matzeschaffen. An dofir sinn ech och ganz fro.

D'EFSA, do gëtt et e Projet de règlement vun der Kommissioun, deen ënnerwee ass. An do ass virgesinn, Etude public ze maachen a Regéieren ze kréieren - dat war eng Fro vun der Madamm Lorsché -, wou all Etüden, déi d'Industrie maachen, bei der EFSA musse gemellt ginn. Ech mengen, dat wier e wichtige Schratt fir déi komplex Thematik, déi Dir hei abordéiert hutt.

An dann, Här President, géif ech jiddwerengem Merci soen, well ech awer spieren, dass mer eng ganz breet Zoustëmmung fir dëse Projet kréien. E wäert eis méi Sécherheet bréngen, méi Hygiène, eng besser Informatioun, eng besser Sensibilisatioun, eng besser Koordination. An dofir sinn ech sécher, dass dat Gesetz eng grouss Plus-value duerstellt, wat den Terrain, d'Liewensmittelsécherheet um Terrain an de Schutz vun der öffentlecher Gesondheet ubelaangt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Mir sinn domat um Enn vun der Diskussioun vum Projet 6614 ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6614 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

57-mol Jo, 2-mol Nee. Domat ass...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Et ass net gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah, et ass net gaangen. Dir sidd also dee Sechzegtsten.

(Interruption)

Okay. 3-mol Nee. Domat ass de Projet ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6614 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marcel Oberweis), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Aehm), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kënnen zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet 7176, engem Accord tëschent Lëtzebuerg a Frankräich, wat déi grenzüwwerschreidend Kooperatioun am Sanitärberäich ugeet. An d'Madamm Cécile Hemmen, d'Rapportrice, huet d'Wuert.

4. 7176 - Projet de loi portant approbation de l'accord-cadre entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française sur la coopération sanitaire transfrontalière, fait à Luxembourg, le 21 novembre 2016

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. An dësem klengen Projet de loi geet et drëms, fir den Accord-cadre ze approvüiere vun der Coopération sanitaire, deen tëschent de Regierunge vu Lëtzebuerg a Frankräich den 21. November 2016 ofgeschloss gouf bei Geleeënheet vun der fënnefter Conférence intergouvernementale franco-luxembourgeoise pour le renforcement de la coopération transfrontalière, kuerz genannt CIG.

De Gesetzesprojet gouf de 4. September 2017 deposéiert. Den Avis vum Statsrot ass den 20. Februar erakomm. De 6. Mäerz sinn ech als Rapportrice ernannt ginn an de 24. Abrëll ass de Rapport an der Santéskommissioun ugehall ginn.

Et si jo haaptsächlech d'Grenzzone, an deenen d'Kooperatioun tëschent de Länner sech beschtméiglech entwéckele kann a wou dem reelle Besoin vun de Bierger kann iwwer e kuerze Wee Rechnung gedroe ginn. An där Optik ass och dësen Accord-cadre geduecht, wou et ëm de wichtigen Aspekt vun den Accès aux soins geet. Esou sollen d'Bierger vun enger séierer a qualitativ héichwäerteger medezinnescher Versuergung kënnen profitéieren, sief et iwwer Rettungsdéngschter an enger Urgence, iwwer programmiert Soinen oder awer och bei chronesch Krankheeten.

D'Gesetz besteet aus engem Article unique, dee just d'Approbatioun vun dësem Accord-cadre festhält. Alles an allem ginn et an dësem Accord Präzisiounen a ronn zéng Artikelen, wou zum engen de juristesche Kader festgehale gëtt, zum aneren ass awer och definiert, dass d'Grenzzone sech tëschent dem ganze lëtzebuergeschen Territoire erstreckt an der Région Grand Est vu Frankräich. En applizéiert sech un all Persoun, déi krank- a sozialverséichert ass an déi fest oder temporär an enger vun de Grenzzone leeft. Datselwecht gëllt fir déi Professionell aus dem Gesondheetssektor, sief et Saliären oder Independanten, grad ewéi fir déi Professionell an och déi Benevoll vun den Urgencéservicer.

Fir dass dësen Accord kann an der Praxis fonctionnéieren, ass am Artikel 4 stipuléiert, dass béid Grenzregionen hir Autoritéiten an Institutiounen designéieren, fir Konventiounen auszeschaffen tëschent de jeeweilege Strukturen oder och de gemeinsamen Déngschtleeschungen.

Juristesches gesi spillt déi medezinnesch Responsabilitéit an deem Land, wou d'Soine stattfannen. Des Weideren ass och jiddwer Professionellen aus dem Gesondheetssektor gehalen, eng Assurance mat Responsabilité civile ofgeschloss ze hunn.

Den Accord-cadre, deen trëtt a Kraaft zwee Méint nodeems déi béid Länner hir intern Formalitéite fäerdeg hunn a se sech géigesäiteg notifiéiert hunn.

Ofschléissend wëllt ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass dës Kooperatioun tëschent den zwou Grenzregiounen Lëtzebuerg a Région Grand Est eng enorm Plus-value duerstellt, wat d'Organisatioun vun de Soinen ugeet an der Prise en charge vu Patienten am Allgemengen. D'Frontalière wäerte wuel déi Éischt sinn, déi den direkte Profitt heivunner wäerte spieren. Mä doriwwer eraus kann een hei vun engem Motor schwätzen, wat d'Gesondheetspolitik ugeet am Hibleck op d'Mobilitéit an der Europäescher Unioun.

Dat wär et, wat ech ze soen hätt am Kader vun dësem Rapport, an ech ginn den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An ech géif dem Här Jean-Marie Halsdorf direkt d'Wuert ginn.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Här President, ech si frou, dass d'CIG Friichten dréit. Dës ass jo 2010 gegrënnt ginn an ech war deemools an der éischter Rei, wéi dës Gremium gegrënnt ginn ass, dee jo soll Neel mat Käpp maachen, wéi ech esou gär soen, an der Groussregioun.

Hei kréie mer jo da konkret en Accord-cadre, wat eng ganz gutt Saach ass. D'CSV wäert och



dëse Projet de loi stëmmen, well en effektiv eng Plus-value gëtt, mä wéi grouss déi Plus-value gëtt, dat wësse mer nach net. Dat hänkt dervunner of, wivill Konventionen ofgeschloss ginn. Et ass genuch do, well et mécht Sënn, esou eppes ze hunn, well mir hu vill Grenzgänger, mir hu vill Professionnels de santé, déi op deenen zwou Säite vun der Grenz schaffen. An duerfir, mengen ech, muss een elo kucken, wat do derbäi erauskënnt.

Wat awer gradesou wichteg ass, dat ass ze kucken, wéini d'Fransousen des Convention-cadre ëmsetzen. Well eréischt wa si se ëmgesat hunn, da kënne mir och eppes maachen. Dat sinn also zwee Kritären, déi ech mer wënschen, dass déi esou séier wéi méiglech kommen, well heimat kréie mer effektiv eng besser Prise en charge vun de Patienten. Mir kréie méi eng Kontinuitéit an de Soinen. Mir kréie méi schnell Hëllef och alleguerten. A mir kréien eppes ganz Wichteges, géif ech soen: eng Verbesserung, oder déi administrativ Barrieren, déi ginn ofgebaut. Et ass also wierklech eng gutt Saach, wat hei geschitt.

An e leschte Saz: Ech géif mer wënschen, dass dës gutt Saach och géif an anere Beräicher mat bilateralen Ofkommesse geschéien. Zum Beispill hu mer elo, wéi gesot, mat der Région Grand Est esou en Ofkommes. Et kéint een och esou en Ofkommes mat eise belsche Frënn maache respektiv mat Rheinland-Pfalz oder eben dann och mat dem Saarland. Voilà!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. Dann huet den Här Graas d'Wuert.

► **M. Gusty Graas** (*DP*).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madamm Hemmen, där ech Merci soe fir hir verschidde Rapporten, huet hei vun engem klengen, einfache Gesetz geschwat, jo, mä et sinn awer oft déi kleng Gesetzter, déi awer e groussen, wichtege Impakt hunn. An dat hei gehéiert dozou, besonnesch wann een un déi héich Zuel och vu Grenzgänger denkt, déi awer elo hei an de Genoss vun enger Konvention kommen, déi hinnen um Niveau vun der Gesondheetsfleeg vill Positives wäert bréngen. Duerfir kënne mir dat hei och nëmmen ënnerstëtzen.

Ech wëll och dat opgräifen, wat den Här Halsdorf elo kuerz och nach gesot huet: Mir sollen driwwer nodenken, fir dat och nach auszudeenen, och am Kontext mat anere Länneren.

Iwwregens ass et immens flott, wann ee gesäit, wéi déi eenzel Länner kënnen zesummen net nëmmen um Niveau vun der Gesondheet schaffen. Ech mengen, haut krute mer erëm e gutt Beispill geliwwert, wat och d'Zesummenaarbecht um Niveau vun de Pompjeeën ubelaangt. Ech hunn elo just nach gelies, datt net manner wéi 40 Lëtzeburger Pompjeeën de Moien am Asaz an der Belsch zu Étalle waren, wat e gutt Beispill ass, wéi sech do grenziwwerschreidend kann zesummen ausgetosch ginn an och gehollef ginn.

An hei ass och e Beispill, dat mer nëmme kënnen ënnerstëtzen. An deem Sënn bréngen ech selbstverständlech och den Accord vun der Demokratescher Partei.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. D'Madamm Lorsché huet d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Wann een dëse Projet de loi kuckt, da muss een eigentlech feststellen, dass et an der Europäescher Unioun méi einfach ass, Kapital vun engem Land an dat anert ze transferéiere wéi e Patient mat enger Ambulanz an en auslännescht Spidol. An dat nennt sech dann en „Europa ouni Grenzen“.

Mat dësem Projet de loi ginn d'Grenzen zumindest an der Richtung vu Frankräich opgemaach. Dat ass begrëssenswäert. Mir sinn natierlech och derfir, dass déi aner Länner an där doter Richtung matschaffen. A mir soen der Madamm Hemmen Merci fir hire gudden Rapport. An domat ginn ech den Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci och. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, Här President, och vun eis aus e grouse Merci un d'Madamm Hemmen fir deen ausgezeechente Rapport. Mir wëllen eis deene ville positive Kommentaren an Ureegung vun eise Virriedner uschlëssen a wäerten dat hei och mat Freed matstëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Den Här Baum ass drun.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, Merci, Här President. Och mir kënnen eis deem just

uschlëssen, wat virdru gesot ginn ass. Déi grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht ass absolutt e Fortschritt. Et ass am Interessi vun de Leit, souwuel deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, wéi awer och de Leit an der Groussregioun.

D'Prise en charge vun de Patientë gëtt domadder wesentlech vereinfacht, awer net nëmmen d'Prise en charge vun de Patienten, mä och de Statut vun de Professionellen, déi déi Aarbecht maachen, gëtt klarifizéiert, hir Rechter, hir Kompetenzen. Dat ass absolutt begrëssenswäert an e Schrëtt an déi richteg Richtung.

A mir kënnen eis äänlech wéi den Här Halsdorf och just wënschen, datt dat u sech e Modellcharakter ass fir och aner Regiounen, déi sech deem dann och uschlëssen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. An dann huet d'Madamm Gesondheitsminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé.* - Merci, Här President. Effektiv ass dat heiten awer, wat den Accès zu medezinnesche Soinen ugeet, awer och d'Mutualisatioun vun de Kompetenzen, e ganz wichteg Projekt. Et ass och hei richtegerweis gesot ginn, dass et e Kaderaccord ass, deen elo natierlech herno leeft duerch déi eenzel lokal Kooperatiounskonventionen, déi mussen ofgeschloss ginn. Do erwaarden ech mer eng pragmatesch Approche. Hei wäert och eisen neie CGDIS eng wichteg Roll spillen, wann et ëm de Volet vun de Soins de secours d'urgence geet.

Wat ech gutt fannen, dat ass, dass vun Ufank u gesot ginn ass, dass een an engem Sënn vu Komplementaritéit wëllt ebe grad déi pragmatesch Approche beweisen, andeem ee kuckt, wou déi gréissten Defiziter sinn, wat d'Offer vun de Soinen ugeet, an dann ebe grad do wëllt punktuell nobesseren. Dat, fannen ech, ass wierklech déi richteg Approche.

An zu där Fro, wou d'Fransousen dru sinn: Dat wäert elo relativ schnell goen, well dat kout am November 2017 an d'Assemblée nationale, soudass mir dovunner ausginn, dass dat och vläicht nach virum Summer bei hinne ka sprochräif sinn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.* - Merci. Da si mer prett, fir ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7176 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7176 fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Mir hunn Unanimitéit mat 60 Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An da gi mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwer, dem Projet de loi 7253, deen de Gebrauch vu Cannabis fir medezinnesch Zwecker soll regelen. An den „Festival Cécile Hemmen“ geet weiter.

5. 7253 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*), *rapporteuse*. - Merci, Här President. Jo, d'Zil vun dësem Gesetz ass et, fir am Kader an am Interêt vun der Santé publique den Accès fir déi bescht medezinnesch Behandlungen ze garantéieren, an dat jee no gesondheetlechem Zoustand vum Patient. Déi medezinnesch Uwendung vum Cannabis ass an deem Kontext e ganz wichteg Thema ginn, an dat opgrond vun der Entwécklung vun der Fuerschung, wat d'Cannabisplanz ugeet.

Jo, de Cannabis gëtt als eng geféierlech Drog duergestallt an dann erëm als e wonnerbart Heilmittel. A grad do muss een den Usaz fannen, fir den Ennerscheid ze erklären tëschent dem Cannabis fir rekreativ Zwecker, also wat gemengerhand als „kiffen“ bezeechent gëtt, an dem Gebrauch vu Cannabis fir medezinnesch Zwecker.

De Cannabis ass eng Planz, déi aus ville Moleküllen besteet. Dovunner sinn déi bekanntste Cannabinoiden de sougenannten THC oder Tetrahydrocannabinol an de CBD, de Cannabidiol. Et soll ee wëssen, dass den THC dat Gefill vu Schwiewe provoziert, wann ee Cannabis konsuméiert, wougéint de Cannabidiol keng sougenannt psychotrop Niewewirkung huet an och net zur Ofhängegkeet féiert.

No ronn zéng Joer wëssenschaftlechen Etüden ass bewisen, dass souwuel den THC wéi och de CBD an enger ganz spezifischer Zesummesetzung positiv Auswierkunge kënnen hunn op d'Behandlung vu verschidde Krankheeten. An do kommen ech am Detail herno drop zrëck.

Firwat dann elo dëst Gesetz? Et muss ee wëssen, dass dat gesetzlecht Strofrecht zu Lëtzebuerg bis dato keen Ennerscheid mécht bei der Finalitéit vun der Consummatioun vum Cannabis, ob en zu rekreativen oder zu medezinneschen Zwecker zou sech geholl gëtt. Deemno sinn d'Patienten, déi op de sougenannte medezinnesche Cannabis zrëckgräife mussen, an deemselwechten Ausmooss strafbar wéi d'Konsumenten, déi kiffen.

Mat dësem Gesetz geet dann och elo zu Lëtzebuerg de Wee op, fir e legale Kader ze schafe fir de Cannabis, deen zu medezinneschen Zwecker gebraucht gëtt an deementspriedend och vum Dokter verschriwwen gëtt. D'Gesetz berout op enger Partie Amendementer zum Gesetz vun 1973 iwwert de Verkaf vu Medikamenter an d'Lutte géint d'Toxikomanie, an d'groussherzoglecht Reglement, wat dorunner ugeknäppt war, gëtt och adaptéiert.

De Projet vun dësem Gesetz ass vun der Gesondheitsministesch de 26. Februar 2018 deposéiert ginn, zesumme mam Avis vum Collège médical. De Statsrot huet säin Avis den 20. März ginn. De 17. Abrëll ass dunn de Projet an der Chamberskommissioun analyséiert ginn an ech gouf an där Sëtzung dann och zur Rapportrice ernannt. Den Avis complémentaire vum Statsrot kout den 8. Mee an de 5. Juni huet d'Kommissioun dëse Rapport ugeholl.

Wéi ech et schonn ugangs gesot hunn, ass dës Adaptatioun vum besteende Medikamentergesetz geduecht, fir dass och Lëtzebuerg als eent vun de ganz weënige Länner an Europa seng therapeutesch Offer erweidert a säi Gesondheetssystem dem Fortschritt vun de wëssenschaftleche Recherchen an Etüden upasst.

Esou gëtt am groussherzogleche Reglement, deen iwwregens nach am Projet ass, festgehalten, dass de Cannabis zu medezinneschen Zwecker ka verschriwwen gi bei chronischem Schmäerz - wou och bewisen ass, dass d'Symptomer kënnen ofgeschwächt ginn -, bei ganz staarkem Onwuelsinn duerch Chemiotherapien - och hei ass méttlerweil bewisen, dass verschidde Cannabinoiden eng gutt Auswirkung hunn, jo souguer präventiv kënnen awirken - an de Cannabis kann och verschriwwen gi bei muskuläre Krämp, déi an direkter Relatioun stinn zu der Multiple Skleros.

Den Avis vum Collège médical op den éischten Entworf zum Gesetz war eigentlech ganz positiv an déi legislativ Initiativ gouf deemno begréisst. De Collège hätt awer och gäre gesinn, dass d'Verschriwwung net eleng de Spezialiste virbehalen ass, mä dass all Dokter dës Méiglechkeet kéint kréien, eventuell no enger spezifischer Formatioun.

Déiselwecht Remark kout och vum Statsrot a sengem éischten Avis an deen huet och nach eng Opposition formelle ausgedréckt a Bezuch op d'Dauer vun der Formatioun vun deenen Dokter, déi de Cannabis kéinte verschreiwen.

Dëst sollt zu enger Diskussioun féieren am Kader vun der Kommissiounssëtzung a schlussendlech ass zrëckbehale ginn, dass all Dokter, deen eng Zouloossung huet, fir zu Lëtzebuerg ze exercéieren, de Cannabis médical ka verschreiwen, ënnert der Konditioun, dass den Zoustand vum Patient dat rechtfertegt, an ënnert der Konditioun, dass den Dokter eng Formatioun suivéiert iwwert de ganze Volet vun der Pharmakologie vum Cannabis: vun der Zesummesetzung iwwert d'Verpackung bis hin zu den Nieweneffekter. D'Dauer vun der Formatioun geet vu Minimum 6 Stonne bis op e Maximum vu 24 Stonnen, an dat gesäit de Projet vum Reglement och vir.

De Statsrot huet dës Propositione guttgeheescht an d'Opposition formelle konnt dann och domadder opgehewe ginn. Och ass an der Kommissioun diskutéiert ginn, firwat d'Cannabismedikatioun nëmmen iwwert d'Spidolsapdikten däerf erausgoen an net an all Apdikte däerf verkaaft ginn. Et sinn dat besonnescht Conditionnement an de ganz korrekte Stockage, déi dës gesécher Plazen awer justifiéieren. Déi véier Spidolsapdikten hu sech och bereet erkläert, fir d'Medikamenter an der Iwwergangsphas vun zwee Joer ze verkafen, an et ass och net auszulesse, dass et duerno op aner Apdikte kéint erweidert ginn.

Firwat d'Cannabismedikatioun op dräi Pathologien limitéieren an net eventuell och bei HIV-Patienten uwenden, also bei Aids-Patienten? Op dës Fro war d'Antwort och kloer. Et huet ee beim Choix op wëssenschaftlech Analysen zrëckgegraff, wou d'„preuves concluantes“ an „substantielles“ sinn, an dat am Hibleck op déi positiv Wirkungen. Do sinn de Moment d'Aids-Patiente mat hire Symptomer nach net drënnergefall.

Bleift vläicht nach ze präziséieren, dass et sech an dëser Form vu Medikatioun jo eigentlech net ëm e Medikament als solches handelt an dass ee keng Erlaabnis muss erdeele fir d'Mise sur le marché vun deene Substanzen. Et gi jo scho Medikamenter mat erlaabte Cannabisextrakter verschriwwen, esou zum Beispill de Sativex. Hei geet et awer elo ëm d'Uwendung vun der Planz als e Ganzt. An do muss d'Gesetz elo norüsten, fir dass et kloerheet gëtt, wat d'Strofrecht ubelaangt.

D'Cannabismedikatioun mécht net ofhängeg. A fir dass mat enger gudder a kontrollierter Wuer geschafft gëtt, wäert Lëtzebuerg sech iwwert d'Agence du cannabis aus dem Kanada approvisionnéieren.

D'Gesetz u sech besteet aus dräi Artikelen, wou zum éischten d'Strofen opgehewe gi fir d'Patienten, deenen de Cannabis mat sengen Derivater verschriwwen gouf. Och gëtt festgehalten, dass d'Dokteren an d'Apdikter net méi kënne strofrechtlech verfollegt ginn, wa si Cannabis a seng Derivater verschreiwen oder och weiderreeche respektiv verwalten.

All Dokter, ech hunn et gesot, ka Cannabisprodukt verschreiwen, wann e seng Formatioun virweise kann. D'Medikatioun u sech gëtt zesummegeallt aus de Bestanddeeler vun der ganzer Planz a kann ënnert der Form vu Pëllen, Drëpsen, Infusiounen oder soss Ueleger un de Patient verschriwwen ginn, awer sécher net, fir ze fëmmen.

Éier een nach weider Ouverture wëllt schafe wéi zum Beispill de Verkaf iwwer sämtlech Apdikten, leeft dëst Gesetz an dëser Form elo emol iwwert déi nächst zwee Joer, souzeosen an enger Testphas. De Bilan wäert dann Opgeschlossen ginn, wat nach soll verbessert oder awer vereinfacht ginn.

Ganz zum Schluss wëllt ech nach eemol betounen, dass dëst Gesetz e weidere Schrëtt ass a Richtung Qualitéit vum Gesondheetssystem hei zu Lëtzebuerg. Et ass eng laang erwaarten Avancée, op déi vill betraffe Patiente gewaart hunn.

Ech hoffen awer och, dass verstane gouf, dass de Cannabis eng Planz ass, där hir Eegeschaften nëmme ganz gutt kontrolléiert och positiv Auswierkungen op spezifesch Krankheitsbiller kënnen hunn. Dat erfuerdert e Fachwësse vum Krankheitsbild, et erfuerdert e Fachwësse vum Besoin vum Patient, vun der Zesummesetzung vun der Medikatioun a virun allem och eng Kontroll iwwert den Ursprung vun der Planz selwer. Dëst Gesetz an dat groussherzoglecht Reglement, wat dorunnerhängt, wäerten dat erméiglechen.

Merci fir Är Opmierksamkeet, an ech ginn och heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!